SCHLUSSRAPPORT VUN DE 4 REGIONALEN ECHANGEN

19. Juni 2019

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL
deng Schoul - deng Iddien

"You say you love your children above all else and yet you are stealing their future in front of their very eyes."

Greta Thunberg, COP24

‘‘Mir weisen awer dorop hin, an dëst kann een net ze vill betounen, dass d’Responsabilitéit fir d’Klimakris a fir d’Géigemesuren net eleng op dem Schüler, dem Bierger an dem Konsument seng Schëllere soll geluecht ginn. Dowéinst mussen de Staat an d‘Regierung och agräifen, fir klima- an ëmweltschiedlech Handlungen ze decouragéieren, ze verbidden, respektiv ze bestrofen, a positiv Géigemesuren ze encouragéieren, bezéiungsweis ze imposéieren.‘‘

CNEL, climateXchange - Schlussrapport vun den regionalen Echangen, 2019

E WUERT VUM CNEL-PRESIDENT 6

VIRWUERT 8

E WUERT ZUM KLIMAWIESSEL 8
WAT ONS ANGSCHT MÉCHT.... 8

VIRSCHLÉI ZUM THEMA SCHOUL 10

1. NOHALTEG INFRASTRUKTUREN 10
1.1. ORIGINE VUN DE RESSOURCEN 10
1.2. RESSOURCEN-VERBRAUCH 10
1.3. OFFALL 11
1.4. SCHÜLERTRANSPORT 11
2. NOHALTEG BILDUNG 12
2.1. OPKLÄRUNG AN SENSIBILISEIERUNG AN DER SCHOUL 12
2.2. SCHOULMATERIAL: KOPIEN, BICHER AN DIGITALISÉIERUNG 13
3. NOHALTEGT LIEWEN AN DER SCHOUL 14
3.1. RESTAURATIOUN 14
3.2. SCHOULGAART 15
4. CONCLUSIOUN 15
5. HEI E PUER BEISPILLER DÉI AN DE WORKSHOPS ZU DËSEM KAPITEL OPGESCHRIWWE GOUFEN 16

VIRSCHLÉI ZUM THEMA NOHALTEG LIEWEN & EMWELT 20

1. MOBILITÉIT 20
1.1. ËFFENTLECHEN TRANSPORT 20
1.2. PRIVATEN TRANSPORT 20
2. OFFALL 21
2.1. LIEWENSMETTEL – NOHALTEG CONSOMMATIOUN 21
2.2. PLASTIK 22
2.3. MÜLLTRENNUNG 23
2.4. WAASSER 24
3. ENERGIE 24
4. HEI E PUER BEISPILLER DÉI AN DE WORKSHOPS ZU DËSEM KAPITEL OPGESCHRIWWE GOUFEN 25

VIRSCHLÉI ZUM THEMA AGRIKULTUR 28

1. NOHALTEG CONSOMMATIOUN 28
1.1. ËMWELTFRËNDLECH A MËNSCHEFRËNDLECH PRODUKTER MÉI ËNNERSTËTZEN 28
1.2. ERHÉICHT BEWOSSTSINN AN DER CONSOMMATIOUN – SENSIBILISÉIERUNG & INFORMATIOUN 28
2. NOHALTEG PRODUKTIOUN 29
2.1. VERMARKTUNG VU LOKALEN A REGIONALE LIEWENSMËTTELPRODUITEN 29

2.2. Lokal Produktioun bei der Populatioun stäerken 29
2.3. Regelunge fir Quantitéit- a Präis-Normen 30
2.4. Kloer Trennung tëschent konventioneller a biologescher Landwirtschaft 30
2.5. Alternativen an der Landwirtschaft a regenerativ Landwirtschaft 30
2.6. Fehlende Respekt virun der Natur 30
2.7. Wichtegkeet vun Handwierk a Landwirtschaft ënnersträichen 31
2.8. Diversitéit op de Bauerebetriber erweideren 31
3. Hei e puer Beispiller déi an de Workshops zu dësem Kapitel opgeschriwwe goufen 32

CONCLUSIOUN 34

E WUERT VUM CNEL-PRESIDENT

Nodeems de 15. Mäerz bal 15.000 Schüler op der Strooss waren, fir fir de Klima ze streiken, an de Premierminister sech dorobberhi mat enger Schülerdelegatioun zesummegesat huet, hu mir als CNEL véier regional Echangen (ClimateXchange) organiséiert, wou och dräi zoustänneg Ministeren (Educatioun, Ëmwelt a Landwirtschaft) vun der Regierung komm sinn, fir nozelauschteren. Sou hu mir haaptsächlech déi Theme vun dësen dräi Ministèren, awer net nëmmen, behandelt an ons konkret Iddien a Virschléi zum Ausdrock bruecht. Am Ganzen hate mir méi wéi 500 Schüler, déi deelgeholl hunn an ons hiren Input ginn hunn.

Dëse Rapport ass d'Synthèse vun dëse Rencontren, a mir iwwerreechen en der Regierung den 19.06.2019. Mir erwaarden eis natierlech och eng schnell Reaktioun vun der Regierung, am léifsten nach virum leschte Schouldag.

Fir och an Zukunft ze gesinn, wat ons Regierung da konkret vun onsen Iddien zum Klimaschutz ëmsetzt a wou si mat hirer Aarbecht dru sinn, géinge mir et begréissen, eis a spéitstens néng Méint erëmzegesinn, also ëm d'Ouschtervakanz 2020.

Natierlech wier mir frou wann déi Léisungen och international gedeelt géingen ginn an duerchgesat ginn.

D'Auteure vun dësem Schlussrapport sinn:

Angèle Barthel, Lycée Josy Barthel Mamer

Anne Breser, Lënster Lycée

Nora Dieschbourg, Lycée Michel Rodange

Félix Laures, Lycée Hubert Clément

Kimon Leners, Lycée Arts et Métiers

Yann Lies, Lycée Classique Echternach

Lex Tosseng, Lycée Classique Diekirch

Max Scheitler, Lycée Bel-Val

Alicia Veiga, Lënster Lycée

Kimon Leners, President vun der CNEL

VIRWUERT

E WUERT ZUM KLIMAWIESSEL

Mat dem Accord vu Paräis gouf decidéiert, datt mer d'Äerderwiermung op 2 respektiv 1,5 Grad Celsius iwwert de pre-industriellen Temperature limitéiere mussen. Mir wëllen dëst Zil onbedéngt erreechen, well et ass ons Zukunft an déi vun onse Kanner, déi hei um Spill steet.

Et ass dofir immens wichteg, eis CO_2-Emissiounen däitlech ze senken, wat nëmme méiglech ass, wa mir se an allen Aspekter vum Liewen adresséieren a reduzéieren.

Mir mussen eis trotzdem och op déi 1,5 Grad global Erwäermung virbereeden a wéi mir ons un déi bevirsteeënd Veränneruge wëllen upassen. Zum Beispill duerch eng méi klimaresistent a responsabel Offall- a Waassergestioun a Landwirtschaft, déi d'Basis vun onser Ernährung an onsem Liewen ass.

Mir wäerten am Duerchschnëtt 80 Joer al ginn, dat ass nach laang, well mir si jo nach jonk. Mir mussen elo dofir suergen, dass eise Planéit zu onsem Liewensenn nach bewunnbar a liewenswäert ass, net nëmme fir eis, mee och fir déi Generatiounen no eis.

D'Konsequenze vum Klimawandel si schonn ze spieren a wäerten ouni Agrëffer nach méi uerg ginn. De Mieresniveau wäert méi héich ginn, d'Wieder méi extrem, d'Wüste méi grouss an d'Landwirtschaft beanträchtegt. Et ass och méiglech, dass d'Mieresstréimungen affektéiert ginn. Dëst huet beträchtlech Auswierkungen, net nëmmen op eis Liewensmëttel- a Waasserversuergung an eis Liewensqualitéit, mee et wäert och international Konflikter a Migratiounsbewegunge mat sech bréngen. De Klimawandel wäert déi Äermsten an Ufällegste vun eis am schlëmmsten treffen.

WAT ONS ANGSCHT MÉCHT....

Vill Schüler hunn Angscht virun der Zukunft. Mir hunn Angscht fir ons Kanner, datt si net méi sou eng schéi Welt wéi mir hunn, an an enger schlechter oder souguer net liewenswäerter Welt liewe mussen. Mir hunn Angscht virun extreme Wiederkonditiounen a Stierm a virun dem klammende Mieresspigel. Mir hunn Angscht viru Mikropartikelen, déi entsti beim Zersetze vum Plastik, well mer se och gläichzäiteg iesse mat dem ganze Fësch, dee mer konsuméieren. Déi wuessend Plastikinselen am Mier zerstéiere wäertvolle Liewensraum an Déieren. Mir hunn Angscht virun dem Ausstierwe vun Déierenaarten an der diminuéierender Biodiversitéit. Mir hunn Angscht virun der Deforestatioun a Bëschbrënn, well mir sinn ons bewosst, datt mir Beem brauchen, fir aus dem CO_2 erëm Sauerstoff ze maachen. Mir hunn Angscht virun der Loftverschmotzung, déi eis den Otem hëlt an eis Gesondheet nohalteg schiedegt. Mir hunn Angscht, datt mir ons an Zukunft just nach mat Pëlle kënnen ernähren.

Eis gréisst Angscht ass natierlech, dass jidderee weiderhin seng Aen zoumécht an d'Äerderwäermung net als déi Kris gesäit, déi se wierklech ass.

Ze vill Leit setzen sech net mat dësem Thema ausernaner, interesséieren sech net derfir, well se einfach mengen, datt näischt géing geschéien, an dowéinster halen se sech zeréck.

Mir maachen eis och Suergen, datt déi Léit, déi géint Ëmwelt- a Klimaschutz sinn, well se kuerzfristeg immens vill dobäi gewannen, méi staark sinn ewéi mir.

Dës Fuerderungen, Opriff a Virschléi, déi mir hei presentéieren, solle verhënneren, datt dës Zukunftsängscht zur Realitéit ginn oder dass mir an enger Angschtstarre bleiwen.

Mir wieren ons also heimat géint ongewollt a gewollt Ignoranz an Inaktioun.

VIRSCHLÉI ZUM THEMA SCHOUL

Mir wëlle mam gudde Beispill an der Schoul virgoen a wëllen dofir, datt d'Schoul ons dobäi ënnerstëtzt an och mam gudde Beispill virgeet. Dëst sinn Iddien, déi een dann och sollt generaliséiert op nationalem Niveau ëmsetzen, iwwert d'Schoul eraus an alle Beräicher vum Liewen.

1. NOHALTEG INFRASTRUKTUREN

D'Infrastrukture vun onse Schoule sollten nach méi ëmweltfrëndlech gestallt ginn.

1.1. ORIGINE VUN DE RESSOURCEN

Ons ass wichteg, datt esouvill wéi méiglech ëmweltfrëndlech Quelle benotzt ginn. ***Solarzellen*** op den Diecher a ***Reewaasserreservoiren*** zielen dowéinst zu eisen Haaptfuerderungen.

Am léifste wéilte mir onse Stroum an Energie an der Schoul selwer kënnen hierstellen, an dat och ouni fossil Brennstoffer.

Als weider Fuerderung gouf genannt, dass, wann een en neie Lycée baut, een dann eng zousätzlech Leitung setzt, fir kënnen d'Reewaasser ze benotzen, fir zum Beispill bei der Toilettëspülung.

Zukünfteg sollten d'Schoulen an aner Gebaier besser gebaut ginn an et soll een net nëmmen op Quantitéit, mee och op ***nohalteg Qualitéit*** setzen!

1.2. RESSOURCEN-VERBRAUCH

Genau esou sollen dann och aner méiglech Technologien agesat ginn, fir eng mei ökologesch Schoul ze hunn. Ganz wichteg ass et, datt Schoule méi ***effizient*** mat de Ressourcen ëmginn, d. h., datt Gebaier anstänneg ***isoléiert*** ginn, awer och datt ***manner*** Energie a Waasser am Alldag ***verschwent*** gëtt.

Et ass ganz kloer, datt mir an eiser Gesellschaft musse méi spuersam ginn. Et ginn haut schonns Technologien, déi ons dobäi kënnen ënnerstëtzen, an dofir fuerdere mir, déi och anzesetzen: Sou kann ee mat ***Sensore*** vermeiden, dass e Krunn ze laang leeft, keng Luucht fir näischt un ass a datt Heizunge sënnvoll an optimal hëtzen.

1.3. OFFALL

Natierlech muss eisen ***Offall miniméiert***, ***triéiert*** an entsuergt ginn.

Fir eisen Offall an der Schoul ze miniméieren, ginn et e puer Méiglechkeeten, op déi meescht gi mir an den nächste Kapitelen an, well ganz vill kann ee scho beim Kaf vu verschiddene Produiten, déi ze vill agepaakt oder aus Plastik sinn, vermeiden.

Leider gëtt awer vill ze oft eisen Dreck net richteg getrennt. Esou fuerdere mir eng richteg Trennung vun eisem Dreck, déi nëmme méiglech ass, wa mir déi richteg verschidde ***Recycling-Poubellen zur Verfügung*** hunn, an domadder menge mir méi ewéi just Pabeier, Glas a Plastik. Et ass och ***negativ, an all Klassesall eng Restmüllpoubellen*** ze hunn, dofir misst een op geziilte Plazen am Gebai den néidege Choix u Recycling-Poubellen hunn. An natierlech mussen déi dann och duerno richteg entsuergt ginn.

Ons ass et och wichteg, datt e ***Kompostsystem*** an der Schoul agefouert gëtt.

1.4. SCHÜLERTRANSPORT

Vill Schüler bemängelen, dass se en zimlech ***laange Wee*** zeréckzeleeën hunn, fir an d'Schoul ze kommen, an datt déi aktuell Situatioun mam Transport dëst net verbessert, mee éischter verschlechtert. Ee Punkt, deen och erwäänt gouf, ass, dass Schüler zu Stousszäite munchmol léiwer déi ëffentlech Busser amplaz vum Schoultransport huelen an dass dëst deenen anere Leit d'Benotze vum ëffentlechen Transport erschwéiert. Ganz konkret gouf och gesot, dass et u Verbindungen tëschent Rëmeleng-Téiteng an Diddeleng-Lëtzebuerg feelt, an fir z. B. bei Lëtzebuerg-Wuermer den Horaire un Schoulzaiten vum Fieldgen unzepassen well si keen Schülerbus hunn, an fir eben do och méi e grousse Bus anzesetzen. Och am Éislek sinn et oft ***laang Bummelfahrten*****,** fir an d'Schoul ze kommen.

Dëst féiert dann och dozou, dass méi Zäregas-Emissiounen entstinn, allgemeng duerch den Transport, awer och well mer laang ënnerwee sinn oder op den Auto ëmklammen.

Dowéinst fuerdere mir, dass méi ***ëmweltfrëndlech Transportgefierer*** fir den ëffentlechen Transport benotzt ginn, zum Beispill ***elektresch Busser***.

Ausserdeem soll een den ***ëffentlechen Transport*** méi attraktiv gestalten an de ganze Reseau ajustéieren an ***optiméieren***, fir dass méi Leit dann deen Ament den ëffentlechen Transport benotzen amplaz vun hirem Auto.

Et géing natierlech och hëllefen, déi eenzel Schoulsektioune verdeelt unzebidden, esou erreecht een eng ***Dezentraliséierung scho bei der Schouloffer*** a Schüler bräichten net esou wäit ze fueren.

Eng aner Iddi, déi opkomm ass, ass déi, datt ee kéint ***Vëloen zur Verfügung*** stellen, déi mat der Schülerkaart kënne benotzt ginn (nom Prinzip vum Vel'oh), soudass een de Schüler de Choix gëtt, wéi se am léifste wëllen d'Streck tëschent doheem an der Schoul zeréckleeën.

2. NOHALTEG BILDUNG

2.1. OPKLÄRUNG AN SENSIBILISEIERUNG AN DER SCHOUL

Wat eis beonrouegt ass, dass vill Schüler, mee och Erwuessener, der nämmlechter Meenung sinn, datt et souwisou näischt brénngt, wann se géifen op eng Versammlung goen, wou da verschidde Ministèren de Kontakt an den Discours mam Vollek sichen.

Fir d'***Motivatioun*** bei de Schüler ze ***stäerken***, kéint ee jo aktiv an der ***Schoul sensibiliséieren*** an och ***opklären*** iwwert de ganze Klimawandel.

Dës Opklärungsstonne kéint een aféieren, an zwar och schonns ab der ***Primärschoul*** an dëst weiderféieren am ***Lycée*** an op der ***Uni.***

Dëst kéint esouwuel innerhalb wéi ausserhalb vun den normale Schoulstonne stattfannen.

Innerhalb vun de Schoulstonne kéint een d'Matière an de Coursë vun de *Sciences naturelles* oder dem VIESO-Cours, respektiv ***queesch duerch all méiglech Fächer***, wéi de Sproochen z. B., integréieren. Dës Opklärung soll awer net nëmmen iwwert Wëssenschaft zum Klimawiessel sinn, mee Schüler sollen nach méi iwwert nohaltegt Iessen a Konsuméiere léieren an iwwert d'Folge vun hirem Verhalen opgekläert ginn, z. B. wann se hire Knascht net richteg entsuergen oder wann se mam Fliger an d'Vakanz fléien.

D'Iddi ass opkomm, datt d'Proffe mat hire Schüler e puer ***Projeten*** organiséieren an opstellen an sech regelméisseg mam Thema vum Klimawandel an der Nohaltegkeet beschäftegen, wéi z. B. mam richtege Recyclage vu Glasfläschen. Aner Projeten, déi kéinten ausgeschafft ginn, wiere Projeten zum Thema vun der Äerderwäermung, zum Beispill wou dann déi concernéiert Schüler d'Méiglechkeet kréien, dëst dann och hiren Elteren an allgemeng den Erwuessenen ze presentéieren.

Ausserhalb vun de Schoulstonne kéint een z. B., wéi vun enger Rei Schüler proposéiert, e ***Conseil*** an all Lycée aféieren, dee sech mam Klimawandel beschäftegt, e sougenannte ***Klimaconseil***. Dësen huet als Objektiv, fir d'Schüler ze informéieren an och opzeklären, wat iwwerhaapt de Klimawandel ass a wat d'Folgen an d'Konsequenze vum Klimawandel sinn.

Ausserdeem ass gefuerdert gi vu ville Schüler, fir e ***Bitzatelier*** anzeféieren, bei deem si wichteg Fäegkeete fir d'Reparatur vun hire Kleeder léieren, wou ee gebrauchte Stoff richteg recycléiert an dann och erëm benotzt, fir Kleeder ze produzéieren zum Beispill.

Zousätzlech verlaange mer, datt e ***Kach-(E-)Buch*** mat saisonalen a lokale Produkter ausgeschafft gëtt an un d'Schüler verdeelt gëtt.

Et sollt ee ***Klassenausflich*** esou organiséieren, datt ee mat der Klass zum Beispill duerch e Bësch wandere geet oder an d'Bierger, wou een dann och nach eppes Interessantes iwwert d'Natur gewuer gëtt a léiert.

En aneren interessante Projet wier eng ***Ëmweltretenue***, dëst am Kader vun der Botzretenue.

Et kann ee Kanner also allgemeng méi nohalteg erzéien am Schoulkader an se ermutegen, datt se dëst dann och doheem weiderféieren, zum Beispill datt se hire Knascht richteg entsuerge sollen an net einfach alles op de Buedem oder an d'Waasser geheie sollen.

Des Weidere gouf och vu ville Schüler gefuerdert, dass een eng ***Formation continue*** fir d'***Proffen*** aféiert, fir dass se ëmmer um neieste Stand sinn, grad an de Punkten Ëmwelt a Klimawandel, awer och d'Digitaliséierung, wou se zum Beispill den Ëmgang mat der Technologie kenneléieren.

Folgend Propos ass och nach opkomm, e Concours ze organiséieren, wou deen ëmweltfrëndlechste Lycée aus dem Land geéiert gëtt. Aner Lycéeë sollen awer och d'Méiglechkeet hunn, esou eng ***Auszeechnung*** ze kréien, wann se gewësse Konditiounen erfëllen an sech Méi ginn.

2.2. SCHOULMATERIAL: KOPIEN, BICHER AN DIGITALISÉIERUNG

Ausserdeem hu mer kloer eraushéieren, datt vill Schüler sech beschwéieren, datt nach ëmmer ***vill ze vill Kopien*** ausgedeelt ginn, obwuel een dann en i-Pad huet. Dëst gëllt och fir d'Hefter.

D'Léisung zu dësem Problem kéint folgend sinn, dass een eventuell déi sougenannte ***Rocket Books*** benotze kéint. De Sënn vun dëse *Rocket Books* ass, dass een den Text kéint mat Hëllef vu Waasser ewechmaachen, wann een en net méi brauch. Sou kéint een dann en Heft méi oft benotzen, amplaz dass een et dann an de Schaf stellt oder archivéiert. Wann een natierlech eng Tablett mat Stëft huet, bräicht een net onbedéngt e *Rocket Book*-Heft.

Des Weidere gëtt gefuerdert, dass een am Idealfall guer keng Kopiesblieder méi sollt benotzen. Sollten dann awer Kopië gemaach ginn, da w.e.g. ***recto verso an op recycléiertem Pabeier.***

Oft kann een op den ***i-Pad*** an op de Laptop zeréckgräifen a Kopië komplett vermeiden.

Eppes aneres, wat eis opgefall ass, datt et en enorme Montant vun ***ongenotzte Bicher*** innerhalb der Klass gëtt. Ausserdeem gi ganz vill Bicher vun de Schüler einfach ewechgehäit, ouni driwwer nozedenken.

D'Thema vum ***Booksharing*** gouf genannt, datt Schüler sech zu e puer e Buch kënnen deelen.

Zum Thema vun den ongebrauchte Schoulbicher kéint een d'Schüler motivéieren, dass se hir ongenotzte Schoulbicher um ***Bichermaart*** zur Dispositioun stellen an datt Bicher dann iwwert e puer Schouljore kënne benotzt ginn.

Och wier et flott, wa ***Bicher*** einfach ***digital*** kéinten zur Verfügung gestallt ginn.

Et gouf virgeschloen, déi ***digital Klasse weider auszebauen*** an ze ënnerstëtzen. Dëst sollt am Kader vun der nohalteger Bildung geschéien, fir datt d'Schüler och léieren, wat et bedeit, eng Tablett ze hunn a mat dëser anstänneg ze schaffen an se ze respektéieren.

3. NOHALTEGT LIEWEN AN DER SCHOUL

3.1. RESTAURATIOUN

Mir fuerderen d'Aféiere vu regelméissegen, strengen, ***vegetaresche bzw. fleeschfräien Deeg***, zum Beispill eemol an der Woch, bei deenen een och e Choix huet a weist, wéi gutt dëst Iesse ka sinn.

Et sollt een och ënnert anerem vill méi ***fairtrade, regional a saisonal Produiten*** an de Schoulen ubidden.

Fir de Fall, wou Schüler hiert Iesse vun Doheem matbréngen, sollen se och ***eng Mikrowell*** kënne benotzen, fir dëst opzewiermen.

Ausserdeem entsti ganz vill Reschter an de Kantinnen, sief et bei der Produktioun oder beim Verdeelen, wou Schüler net hir Portiounen auswiele kënnen. Fir ze vermeiden, dass ze vill ***Iesse fortgeheit*** gëtt, soll een d'Schüler an d'Personal froen, wat se léiwer hunn a ***wéi vill si op den Teller wëllen***, an awer och de ***Bestellsystem*** pushen, wou een sech am Virfeld z. B. iwwert eng ***App*** muss umellen, fir säi Mëttesiessen ze bestellen.

Och si vill ***Kantinnen ze kleng*** an et feelt u Sëtzgeleeënheeten, fir kënnen a Rou ze iessen. Fir et méi kloer ze soen, soll d´Gréisst vun der Kantin proportional zur Unzuel vun de Schüler ugepasst ginn. Dëst géif dann dozou bäidroen, dass méi Schüler sech e richtege Plat aus dem Schoulrestaurant huele wéi e Plat à emporter. Dofir soll een en Ufank maachen, andeems een an de Schoulen de Schüler d'Méiglechkeet gëtt, dass se eng sécher Plaz an der Kantin oder am Restaurant vun der Schoul hunn, firwat net och ***flott Terrassen*** aféieren?

Dei ***onökologesch*** an ***ongesond Inhalter vun Automate solle verbuede*** ginn an aus de Schoule verschwannen, esou sollt och d'***Verpackung*** an de Produit analyséiert ginn. Fir keng Plastikfläsche méi ze hunn, proposéiere mir, dass d'Schüler all sollen e ***Bidon*** kréien. Dëse soll qualitativ héichwäerteg sinn, net datt d'Gedrénks duerno no Metall schmaacht.

Mir wëllen, datt an der Schoul ***gratis Waasserspender an aner Gedrénksfontainen*** (géint Entgelt) opgestallt ginn, wou mir onse Bidon da kënnen opfëllen.

Zousätzlech soll een an der Kantin ***d'Iessen nëmmen nach ouni Verpackung*** resp. an enger "EcoBox" kréien an et soll ***keen Einwegbesteck*** méi erlaabt sinn.

Natierlech wiere mir frou, wa mir dëst Material dann och ausserhalb vun der Schoul benotze kéinten.

Wéi schonns ënnert dem Punkt *Offall* erwähnt, wier e ***Kompost*** anzeféieren, esou ginn d'Reschter och sënnvoll entsuergt a kënnen och duerno weider benotzt ginn, fir ons Planzen ze düngen.

3.2. SCHOULGAART

Mir stellen ëmmer méi fest, dass eis Schoulen ze wéineg ***gréng Flächen*** hunn. Esou fuerdere mir, dass eis Schoule vill méi gréng ginn a ***manner Bëton*** hunn, ***méi Planze*** kréien an an Zukunft och direkt esou designt a gebaut ginn.

Zousätzlech ass ganz oft proposéiert ginn, e ***Schoulgaart*** anzeféieren, wou d'Schoul kéint mat Schüler saisonal a regional Produite produzéieren an dann och beim Kache benotzen. Esou kréien déi Jonk erëm d'Natur unzepaken an hu méi Freed dodrun. Déi national Landwirtschaft gëtt net genuch an de Schoulen thematiséiert. Net ze vergiessen ass dofir de pädagogesche Wäert vun dëser Moossnam, wou déi Jonk erëm de Bezuch zur Natur kréien.

4. CONCLUSIOUN

Am dësem éischten Deel gesäit een, wéi mir eis Schoule scho vill kënne verbesseren. Natierlech ass do en Zesummespill vun all de Partenairen an der Gesellschaft wichteg. D'Schoul ass domadder dat perfekt Beispill an eng Inspiratioun fir dat ganzt Land (oder souguer méi).

5. HEI E PUER BEISPILLER DÉI AN DE WORKSHOPS ZU DËSEM KAPITEL OPGESCHRIWWE GOUFEN



Keen Plastik mei an den Schaulen

→ Durch gedrenksspenden ersetzen

→ Remverwändbar Fläschen benotzen

→ op Plastiks Fläschen Taxen / Steieren setzen (→ wann iwerhapt Plastik) !

→ op sou vill Verpachung wei meiglech verzichten (och Pabeier oder Kachtrong)

Gedrenks automaat, wou een
mat ~~Bidon~~ engem Bidon
deen een an der entrée
vun der Cantine hellt
an sech sou sein
Gedrenks hueien kann.
No dem Gebrauch gëtt
en an der Cantine
gespullt an speicher
rem gebraucht.



VIRSCHLÉI ZUM THEMA NOHALTEG LIEWEN & EMWELT

1. MOBILITÉIT

E groussen Deel vun eisen CO_2-Emissiounen entsteet duerch den ***Transport***, mir mussen dëse Volet also onbedéngt adresséieren, fir eis Klimaziler ze erreechen.

Des Weidere benotze mir zum gréissten Deel fossil Brennstoffer, déi net méi laang verfügbar wäerte sinn an déi staark zum Klimawiessel bäidroen. Den Transport contribuéiert och maassgeblech bei der Loftverschmotzung. Et ass elo héich Zäit, eis ëmzestellen.

1.1. ËFFENTLECHEN TRANSPORT

An de ClimateXchange-Workshops ass kloer zum Ausdrock komm, datt et vill ***Onzefriddenheet*** mat dem ***aktuellen ëffentlechen Transport*** gëtt: net séier genuch, onpünktlech oder einfach net do, wou a wann een e brauch, sinn déi Haaptargumenter, déi ëmmer erëmkommen.

Dofir misst een den ëffentlechen Transport nach eng Kéier iwwerdenken, zemools a ***klengen Dierfer,*** wou net oft e Bus fiert. An dësem Zäitalter sinn d'Analys an d'Sammele vun Date méi einfach ewéi jee, also misst et méiglech sinn, ***d'Bus- an Zuchnetz*** genau esou ze veränneren an ze ***optimiséieren***, wéi et elo gebraucht gëtt. Spezifesch Ufroen dofir wären dann, dass een d'Gréisst vun de Busser an d'Frequenz méi upasst.

Ausserdeem ginn och nach fir den allgemengen Transport ze vill fossil Brennstoffer benotzt, wouduerch vill CO_2 entsteet. Dofir wëlle mir, dass den ***elektreschen ëffentlechen Transport*** wieder ausgebaut gëtt, fir CO_2-Emissiounen ze vermeiden.

Et gouf och net nëmmen iwwert déi alldeeglech Strecken diskutéiert, mee och iwwert Reesen. Mir wëllen ***nohalteg Reesen;*** et ass awer leider esou, datt a ville Fäll de Fliger méi attraktiv wéi den Zuch ass (Generatioun Easy Jet). Mir wëllen dofir, datt eng ***Kerosinsteier*** duerchgesat gëtt. Esou eng Steier géif derzou bäidroen, datt privat Leit sech zweemol iwwerleeën, fir mam Fliger an d'Vakanz ze fléien, wann et oft guer net néideg ass a wou se kéinten den Zuch amplaz huelen. Dofir muss awer och ***d'Offer fir den Zuch*** méi attraktiv sinn. Besonnesch gëllt dëst awer fir Geschäftsreesen. Fir ***d'Laangstrecken-Mobilitéit*** ze verbesseren an interessant Alternativen zu de Flich unzebidden, wëlle mir och, datt méi ***Nuetszich*** fueren.

1.2. PRIVATEN TRANSPORT

Besonnesch an der Stad, an a Richtung Stad, si vill ze vill Autoen ënnerwee (Stau), vill dovunner och mat nëmmen engem Occupant.

Fir manner voll Stroossen an e bessere Floss vum Verkéier ze kréien, kéint een z. B.:

1. d'Stad oder Deeler vun der Stad (wéi de Kierchbierg) ***autofräi*** maachen, esou wéi dat an anere grousse Stied schonns de Fall ass;
2. ***méi Sammelplazen (P&R)*** fir d'Autoe maachen, fir vun do aus mam Bus, Vëlo, Tram oder zu Fouss an d'Stad ze kommen;
3. ***d'Zuel vu Parkplazen direkt bei den Aarbechtsplaze*** reduzéieren, fir de ***Carpooling*** an den ëffentlechen Transport ze encouragéieren;
4. eng speziell ***Carpoolingspur*** (ähnlech wéi eng Busspur) aféieren, fir de Problem vun eidelen Autoen ze léisen. Dës kéint ee kontrolléieren, fir d'Leit unzereegen, zu méi an engem Auto ze fueren;
5. e Gesetz maachen, dat Familljen encouragéiert, ***manner Autoen*** ze besëtzen/benotzen.

Ausserdeem sollt ee ***Vëlosweeër*** vill méi ***ausbauen*** an och ***méi sécher*** maachen, dat heescht méi vun der Autosspur trennen a méi visibel maachen.

Et ass eis wichteg, ons vun de fossille Brennstoffer ofzewenden, besonnesch vum Diesel. Dofir ass eng weider vill gefrote Propos fir manner CO_2-Verbrauch, fir ***Elektroautoe*** weider ze promovéieren, fir esou d'Loftverschmotzung an de Kaméidi staark ze reduzéieren.

Fir d'Elektroautoe méi beléift ze maachen, kéint een de ***Parking fir Elektroautoe gratis*** maachen. An de Reseau vun den ***Opluedstatioune*** massiv ***ausbauen***. E Virschlag ass och, Autoe mat ***Waasserstoff-Antrib*** weider ze ënnerstëtzen oder Autoe mat CO_2-Antrib ze kreéieren. Weiderhi gouf och d'Iddi lancéiert, fir biodegradabel Pneuen anzeféieren.

2. OFFALL

Et gett leider oft méi wäert op Quantitéit ewéi Qualitéit gesat, dat huet leider Onmengen un Offall an Verschwendung als Konsequenz. Eisen ***immensen Offalloutput*** weist op iwwerméissegen Konsum hinn an dréit net nemmen zur Umweltverschmotzung mais och zur Klimakris bäi.

2.1. LIEWENSMETTEL – NOHALTEG CONSOMMATIOUN

Hautdesdaags gi vill ze vill ***Liewensmëttel verschwent.***

Oft si se nach brauchbar a bräichten net ewechgeheit ze ginn. Fir d'Ewechgeheie vun nach gudde Produiten ze vermeiden, déi geschwënn oflafen, soll dofir eng Regelung agefouert ginn, déi virschreift, dass ***Produiten, déi kuerz virum Oflafe sinn***, vun de Geschäfter kloer markéiert an d'Präisser fir dës Produiten erofgesat musse ginn. Oder se solle carrement verschenkt ginn u Leit am Besoin. A Geschäfter, déi dës Regelung net befollege wëllen, musse mat seriöe Konsequenze rechnen.

Mir fuerderen, datt ***Liewensmëttel nëmmen nach op Nofro***, z. B. un enger Téik, verkaf ginn an net Quantitéite schonns virverpaakt sinn. Sou kann de Consommateur genau déi Quantitéit akafen, déi en och wierklech brauch, a muss dat, wat ze vill ass, duerno net fortgeheien. Domat wiere fäerdeg ofgepaakte Produiten an de Barquetten am Supermarché iwwerflëssig an et géif manner bis guer keng Verschwendung ginn.

Norme beim ***Ausgesi vu Produiten*** iwwerdenken: Fir d'Verschwendung vu Liewensmëttel drastesch ze reduzéieren, schloe mir vir, Norme beim Ausgesi vun Uebst a Geméis ze iwwerdenken oder ganz ze verbidden. Op déi Aart a Weis géif een op Dauer eng enorm Quantitéit u Liewensmëttel, déi soss géifen ewechgehäit ginn, verkafe kënnen. Oder als eng aner Alternativ kéint een déi Liewensmëttel, déi ze vill vun de momentanen Normen ofwäichen, zu engem reduzéierte Präis ubidden, fir all Form vu Verschwendung ze vermeiden.

Mir ënnerstëtzen och Initiativen, fir a Restauranten den Offall ze vermeiden, wéi z. B. Iessensreschter an der EcoBox als ***Doggybag*** mat heem ze ginn.

Ausserdeem wëlle mer, datt een an all Restaurant a Café ka ***gratis Krunnewaasser*** bestellen.

Eng weider Mesure ass d'Opstelle vu méi ***Drénkwaasser-Fontainen op ëffentleche*** Plazen.

2.2. PLASTIK

Plastiksverpackunge sinn e grousse Problem, well esou zimlech alles a Plastik agepaakt gëtt, esouguer Saachen, déi iwwerhaapt net misste verpaakt ginn (wéi frëscht Uebst a Geméis) oder Saachen, déi een nëmme ***minimal*** misst ***verpaken***, ginn onnéideg mat ville Schichte Plastik verpaakt (Suremballage).

Allgemeng ass eist Zil, de Verpackungs- a Plastiksoffall ferm ze reduzéieren. Mir ënnerstëtzen dowéinst ***verpackungsfräi Geschäfter.***

Mir fuerderen d'Aféierung vun erhéichten Taxen op vu wäit hier importéierte Produiten an d'Lëtzebuerger Land: Dobäi denke mir ënner anerem un eng ***CO_2-Steier***. Dës Steier géif Produiten, déi vu wäit hier kommen, méi deier maachen.

Eng aner Iddi wier eng ***Steier op exzessiven Offall***. Domat géife Produite mat iwwerméisseg vill oder onnéideg vill Emballage méi deier ginn. Soumat géife lokal Produiten esouwéi Produiten ouni oder mat wéineg Emballage bezéiungsweis Conditionnement promovéiert ginn.

Soumat dierfte ***Liewensmëttel***, déi vun Natur aus eng schützend Haut bzw. Schuel (zum Beispill Banannen, Orangen, Äppel, …) hunn, ***net zousätzlech verpaakt ginn***, et kann een se jo och doheem wäschen.

Ausserdeem sollte mam neie Verbuet vun de gratis Plastikstuten och déi dënn ***Tuten am Uebst- a Geméisrayon verbuede*** ginn, oder ***Plastikstuten a Geschäfter esouguer ganz verbuede ginn***, also dass se guer net méi verkaf dierfe ginn.

Des Weidere géife mir d'Förderung vu ***Laseren*** begréissen, déi de Barcode op d'Uebst oder Geméis brennen. Sou géif d'Etikett iwwerflësseg gemaach ginn.

Mir géingen eis och driwwer freeën, wann een a méi Geschäfter Wueren erëm un ***enger Téik oder en vrac*** kréit***,*** respektiv ***erëm-benotzbar Verpackunge*** géing notzen. Dës Propositioune solle selbstverständlech an den Hygiènesbestëmmunge leien.

Et ass och wichteg, op méi Plazen a fir méi Materialer e ***Pfandsystem*** anzeféieren; mir wëllen, datt déi omnipräsent Eeweg-Plastiksfläsch ersat gëtt duerch Mehrweg-Glasfläschen.

D'Verdeele vu ***Plastikswerbegeschenker*** soll och ***verbuede*** ginn.

E méi spezifesche Wonsch ass och, eng Campagne fir ***erëm-verwendbar Menstruatiounsproduiten***, déi oft inaccessibel schéngen, soudass net all Mount enorm Quantitéite vun Hygiènesoffäll ufalen.

2.3. MÜLLTRENNUNG

Mat Bedaueren hu mir héieren, dass et nach Plazen hei am Land gëtt, wou weider keng Mülltrennung gemaach gëtt oder wou déi verschidden Dreckskëschten herno zesummegeschott ginn.

Mir sinn enttäuscht, datt a munche Gemengen d'***Recylingcenteren*** zu onméiglechen Zäiten op sinn, an och op verschidde Plazen nëmmen eng kleng Selektioun vu Saache kënnen unhuelen. Dëst verlaangt no Verbesserungen: ***besser Ëffnungszäiten*** a ***méi eng komplett Offer!***

Mir fannen et schued, dass déi ***verschidde Plastiken*** (PP; PET etc.) net och direkt doheem beim Konsument ***getrennt*** ginn an dass d'Bevëlkerung allgemeng net genuch iwwert déi verschidden Zorte vu Plastiken ***informéiert*** ass.

Fir Offall an der Natur ze vermeiden, verlaange mir, datt ***d'Gesetz géint de Littering applizéiert*** gëtt an datt Leit, déi Knascht an d'Natur geheien, bestrooft ginn.

Mir erwaarden och méi ***Recyclings-Dreckskëschten an Äschebecheren*** op Spadséierweeër a viru Gebaier oder mindestens Schëlder, fir d'Leit un d'Gesetzeslag ze erënneren an hinne vläicht och ze soen, wéi wäit déi nächst Dreckskëscht ass.

Mir wëllen och, dass méi oft ***ëffentlech Botzaktiounen***, esouwuel an der Stad wéi och an anere Gemengen, fir Fräiwëlleger organiséiert ginn; se sinn e wonnerbare Wee, fir d'Leit zesummenzebréngen a weider ze sensibiliséieren.

2.4. WAASSER

D'Waasser gëtt net nëmmen duerch eise sichtbaren Offall verschmotzt, mee och duerch ***Mikroplastik,*** deen deelweis duerch d'Degradatioun vu Plastik entsteet oder direkt ënnert dëser Form an d'Waasser kënnt (z. B. duerch eis Kosmetiksprodukter). Mir fuerderen dowéinst e ***Verbuet*** vun alle Forme vu Mikro- an Nanoplastik, notamment deenen, déi an de Kosmetiks- an Hygiènesprodukter dra sinn.

Mir géingen ons och iwwert eng finanziell Ënnerstëtzung vun ***Ofwaasser-Recyclagesystemen*** (z. B. Duschwaasser fir d'Toilettëspülung) am Haushalt freeën, fir esou méi Leit ze encouragéieren, doheem ëmzebauen a méi nohalteg ze liewen. An dësem Kontext sollen d'Leit weider ënnerstëtzt ginn, fir méi ***Reewaasser*** ze recuperéieren an ze notzen, a ***Subventiounen*** agefouert ginn, fir ***Growaassernotzung*** ze förderen.

3. ENERGIE

Eise gréisste Problem am Beräich Energie ass eis Notzung vu fossillen Energien, déi net nëmmen net erneierbar sinn, mee och duerch CO_2-Emissiounen zur Klimakris bäidroen. Mir bedaueren och, datt eise Stroum zum groussen Deel net nohalteg ass an zum Deel aus Atomkraaft kënnt, déi zwar keng klimadreiwend Emissiounen huet, mee grouss a laangfristeg Risiken duerch de radioaktiven Offall mat sech bréngt.

Onse grousse Wonsch ass, datt ons Gesellschaft op ***100 % erneierbaren Energië*** funktionéiert. Mir fuerderen, datt wierklech op dëst Zil higeschafft gëtt. Mir mussen onbedéngt onse Stroum komplett aus ***Solarenergie, Waasser- a Wandkraaft*** hierstellen, an och privat Initiative fir nohalteg Stroumproduktioun ënnerstëtzen, wéi z. B. eng ***Gemeinschaftseolienne*** an aner ***Stroumkooperativen*.**

Et gëtt nach ***vill Espace op grousse Gebaier,*** fir Solarzellen drop ze placéieren: Dësen Espace soll genotzt ginn.

Mir schloen och vir, den organeschen Offall energetesch ze notzen, z. B. duerch méi ***Biogasanlagen.***

Mir fuerderen och d'Ënnerstëtzung fir d'Entwécklung vu ***bessere Späichertechnologien***. Mir setzen och op Waasserstoff als Späichermedium fir Energie.

Niddreg-Energie-Haiser sinn eng positiv Entwécklung, mee mir proposéieren och, datt méi ***intelligent Heizungssystemer an ale Gebaier*** agesat ginn.

Mir fuerderen och, dass Stroossen a besonnesch ëffentlech Gebaier oder Geschäfter ***net méi 24/7 beliicht*** sinn. Mir begréissen de Remplacement vun ale Stroosseluuchten duerch ***méi spuersam LED-Alternativen.***

4. HEI E PUER BEISPILLER DÉI AN DE WORKSHOPS ZU DËSEM KAPITEL OPGESCHRIWWE GOUFEN






Production
De bouteilles en:
En bois
En metal
En matiere organique
PLASTIQUE


Transportministair:
Öffentlechen transport deen funktioneiert (CFL)
Kummunikation (Hobilitéit lu an CFL lu)
Timemanegmant


Bequemlechkeet
bekämpfen, wéi?
De Choix limitéieren!

VIRSCHLÉI ZUM THEMA AGRIKULTUR

1. NOHALTEG CONSOMMATIOUN

1.1. ËMWELTFRËNDLECH A MËNSCHEFRËNDLECH PRODUKTER MÉI ËNNERSTËTZEN

Lokal, regional, saisonal, bio a fairtrade Produiten an der Populatioun solle méi attraktiv gemaach, méi gefërdert an ënnerstëtzt ginn. Dat wëlle mer duerch folgend Punkte méiglech maachen.

Ausserdeem sollen dës Produite fir jidderee ***sozial accessibel a bezuelbar*** sinn. Dëst kéint duerch eng generell staatlech Ënnerstëtzung erméiglecht ginn, grad fir Familljen, déi net sou e grousse Pouvoir d'achat hunn.

1.2. ERHÉICHT BEWOSSTSINN AN DER CONSOMMATIOUN – SENSIBILISÉIERUNG & INFORMATIOUN

Zousätzlech hale mir weider d'Sensibiliséierung fir eng méi ëmweltbewosst Consommatioun a Produktioun op ***ëffentlechen Evenementer*** respektiv duerch ***Konferenze*** fir hëllefräich. Dës Evenementer kënnen duerch d'Präsenz vun enger Autoritéit (Ministeren, Experten, …) u Seriositéit an un Interessi gewannen.

Allgemeng fuerdere mer eng ***kloer Regelung am Label-Dschungel,*** wou ee momentan kaum nach den Duerchbléck huet.

Des Weidere fuerdere mir, dass ***d'Konditiounen***, ënnert deenen de Produit hiergestallt gouf, fir de Consommateur verständlech op dem Produit selwer gekennzeechent ginn, an datt weider Informatioune obligatoresch gemaach ginn. ***Informatioun*** wéi z. B. wéi vill Kilometeren de Produit hannert sech huet, fir bis bei de Verbraucher ze kommen, awer och ewéi ***positiv*** e Betrib schafft oder leider heiansdo och wéi ***negativ*** eng Produktioun ka sinn.

Mir fuerderen awer och, fir méi Sensibiliséierung vum Impakt, dee Konsumverhalen op d'Ëmwelt huet, virun allem beim Plastik. Fir dëst ze erreechen, fuerdere mir d'Erstelle vun Hiwäisschëlder an de Geschäfter oder direkt op de Produkter. Op dësen Hiwäisschëlder sollen Informatiounen ofgebilt sinn, déi weisen, wéi en Impakt eist Konsumverhalen op d'Ëmwelt huet. Konkret heescht dat, dass dem Konsument visuell d'Konditiounen an d'Konsequenze vum Konsumverhalen (z. B. d'Konsequenz vun dem exzessive Plastikdreck, dee fréier oder spéider am Mier lant, oder wéi et an engem Mastbetrib ausgesäit) gewise ginn. Dann huet de Konsument selwer de Choix, ob en eppes u sengem eegene Verhalen an senger eegener Consommatioun ännere wëll oder net. Biller sinn heifir vu Virdeel, well se soen oft méi aus wéi grouss Texter a si méi liicht verständlech. Dëst gëtt et jo och bei den Zigaretten, an

do hunn se jo och e positiven Effekt, zënter datt Warn-/Ofschreckbiller op Zigaretteverpackungen ofgebilt ginn[1].

Mir betounen, datt dës Warnbiller zur positiver Ofschreckung dengen. Mir wëllen net bestëmmte Produiten schlecht duerstellen, mee nëmmen dem Konsument Realitéit méi no bréngen, tëschent bëlleg Produkter aus Massendéierenhaltung a qualitativen an ethesch korrekte lokale Produkter. Bei dësem Punkt leeë mir den Accent besonnesch op Déiereproduiten, wou een noverfollege kënne soll, ënnert wéi enge Konditiounen dës Déiere gelieft hunn.

Et ass eis wichteg, dass de Consommateur d'Méiglechkeet huet, säi Produit ganz einfach ***zeréckverfollegen*** ze kënnen. Dëst kéint een duerch e ***staatlechen Internetsite*** via eng ***App*** méiglech maachen. D'Originne vum Produit wieren dann a Form vun engem Bar- oder QR-Code gekennzeechent.

2. NOHALTEG PRODUKTIOUN

2.1. VERMARKTUNG VU LOKALEN A REGIONALE LIEWENSMËTTELPRODUITEN

Lokal a regional Produzente mussen hir Produite besser u lokal a regional Konsumente verkafe kënnen. Dëst kéint duerch méi ***Mäert a Foiren***, op deenen exklusiv lokal a regional Produzente vertruede sinn, erreecht ginn. Mir proposéieren dofir, z. B. esou e Maart an all Regioune vum Lëtzebuerger Land (Norden, Osten, Zentrum a Süden) ***eemol d'Woch*** ze organiséieren.

2.2. LOKAL PRODUKTIOUN BEI DER POPULATIOUN STÄERKEN

Fir d'Produktioun am lokale Beräich ze promovéieren, fuerdere mir op Gemengenniveau, datt ***ëffentlech Gäert, Zären oder Bongerten*** zur Verfügung gestallt ginn. Heimat géif de Bierger, dee keen eegene Gaart huet, d'Méiglechkeet gebuede kréien, säin eegent Geméis an Uebst selwer ubauen ze kënnen an esou den Eegenubau ze encouragéieren. Des Weidere géif aktiv Handaarbecht méi attraktiv gemaach ginn. Déi genannte Gemeinschaftsgäert, Gemeinschaftszären oder Gemeinschaftsbongerte géifen de Kanner an Erwuessenen d'Méiglechkeet ginn erauszefannen, wéi dat regionaltypescht Uebst a Geméis wiisst a wou et hierkënnt. A Kombinatioun mat engem Besuch bei engem Bauerebetrib mat Notzdéiere géif sech eng pedagogesch wäertvoll Initiativ bilden.

[1] (https://www.bundestag.de/resource/blob/511122/8ae51b807ef2d0ebd58e4f4747c4bee7/wd-5-024-17-pdf-data.pdf)

2.3. REGELUNGE FIR QUANTITÉIT- A PRÄIS-NORMEN

Et musse méi ***fair Regelunge*** fir grouss Liewensmëttelhändler ginn. Mat dem Zil, dass ***kleng Produzenten,*** déi eventuell awer méi ëmweltfrëndlech Produite produzéieren, net benodeelegt gi par rapport zu grousse Produzenten, well dës de Liewensmëttelhändler einfach méi grouss Quantitéiten zu méi gënschtege Präisser verkafe kënnen.

2.4. KLOER TRENNUNG TËSCHENT KONVENTIONELLER A BIOLOGESCHER LANDWIRTSCHAFT

Duerch de Wuesstem u biologesche landwirtschaftleche Betriber ass et net auszeschléissen, datt biologesch Terrainen an direkter Ëmgéigend vu konventionellen Terraine leien. Heiduerch kënnt et dozou, datt potenziell Pestiziden, déi op de konventionellen Terraine benotzt ginn, op de biologeschen Terrain duerch z. B. de Wand oder de Ree kommen. Als Konsequenz kënne Produiten, déi op dësem Terrain ugebaut ginn, net méi als Bio verkaaft ginn. Dowéinst fuerdere mir kloer Regelungen, wat ***d'Distanzen tëschent de konventionellen a biologeschen Terraine*** betrëfft.

2.5. ALTERNATIVEN AN DER LANDWIRTSCHAFT A REGENERATIV LANDWIRTSCHAFT

Et musse weider ***Alternativen zu der Bio- an der konventioneller Landwirtschaft*** fonnt ginn, well dës zwou Forme vun der Landwirtschaft net déi eenzeg sinn. Alternative kann een duerch ***Fuerschung an der Landwirtschaft*** schafen, mee awer och mat Echangë mat anere Länner. E Beispill fir eng alternativ Landwirtschaft wier déi vun der natierlecher Schädlingsbekämpfung mat ***natierleche Friessfeinde*** vu Schädlingen.

Mir hunn d'Iddi vun enger ***regenerativer Landwirtschaft***, enger zukunftsfäeger Landwirtschaft, déi d'Fäegkeet huet, Humus opzebauen. Den Humus besteet haaptsächlech aus Kuelestoff, deen dann aus der Loft an de Buedem géing gezu ginn. De Prinzip ass, de Buedem méi fruchtbar ze maachen. Esou kéinten och op momentan onbestellbare Felder nees Planze wuessen. Ausserdeem géifen an engem Buedem, deen ëmmer fruchtbar ass, Planzen déif Wuerzele schloen, bei staarken Nidderschléi géing de Buedem d'Waasser ophuelen an Naturkatastrophe, wéi am Mëllerdall ufangs 2019, kéinte besser vun der Natur an der Landwirtschaft verkraft ginn.

2.6. FEHLENDE RESPEKT VIRUN DER NATUR

An eiser Gesellschaft muss de ***Wäert vun der Natur*** vill méi thematiséiert ginn. Den Afloss, deen d'Natur/d'Ëmwelt op eist Liewen am Alldag huet, muss enger Majoritéit vu Leit am Land erëm bewosst ginn. ***De Mënsch steet net iwwert der Natur, mee ass en Deel vum grousse Ganzen***. De Mënsch ass en Déier aus der Natur – alles, wat de Mënsch weess, kënnt vu Beobachtunge vun der Natur a virun allem

seng Nahrung kënnt och quasi ganz aus der Natur. De Mënsch däerf op kee Fall vergiessen, wou en hierkënnt a wou e lieft. Fir datt de Mënsch dëst net vergësst, zemools zu Lëtzebuerg, muss d'Natur méi an den Alldag agebaut ginn duerch d'Kreatioun vu ***méi gréngen Zonen*****,** déi am direkte Kontakt mat dem Mënsch sinn, z. B. duerch Parken, wou Beem a Planze wuesse kënnen, déi zu Lëtzebuerg doheem sinn.

2.7. WICHTEGKEET VUN HANDWIERK A LANDWIRTSCHAFT ËNNERSTRÄICHEN

Mir géifen et fir eng gutt Iddi halen, duerch Campagnen oder Evenementer ***d'Wichtegkeet vu lokalen Handwierker a Baueren*** an der Populatioun ze ënnersträichen. Dës Campagnë kéint een notamment duerch Sensibiliséierungslabele verstäerken/realiséieren. D'Landwirtschaft ass vu besonnescher Wichtegkeet op enger nationaler Ebene, well Lëtzebuerg kann sech zwar net selwer ernähren duerch seng eege Landwirtschaft, wat awer net heescht, dass een se komplett vernoléissegen däerf. Et ass just vu Virdeel, wann e Land sech och minimal vun senger eegener Landwirtschaft a vun sengem eegenen Ubau ernähre kann.

2.8. DIVERSITÉIT OP DE BAUEREBETRIBER ERWEIDEREN

Fir ***d'Diversitéit an de Bauerebetriber*** ze erhéijen an domat d'Lëtzebuerger Landwirtschaft méi divers ze maachen, schloe mir ***staatlech Ënnerstëtzung*** vir fir déi Baueren, déi hir Betriber ausbaue wëllen, respektiv fir déi, déi nei dozoukommen, fir méi Diversitéit ubidden ze kënnen. Esou kann e Bauerebetrib z. B. niewent der Fleeschproduktioun och nach eventuell z. B. Geméis oder Uebst ubauen an sech och esou virun eventuelle Krisen ofsécheren.

3. HEI E PUER BEISPILLER DÉI AN DE WORKSHOPS ZU DËSEM KAPITEL OPGESCHRIWWE GOUFEN





Protect the BEES !

CONCLUSIOUN

Als Gesellschaft, an där all Mënsch vum Klimawandel betraff ass, muss een dëse liewensbedrohleche Problem zesummen ugoen.

Mir wëssen, datt mir alleguerten zu där Welt, déi mir an Zukunft wëllen, onst musse bäidroen, an dofir och nohalteg liewe sollen. Dofir fänkt een als alleréischt bei sech an sengem eegene Liewensstil un, andeems ee méi bewosst consomméiert a lieft. A jiddweree muss eppes ënnerhuelen, fir datt mer zesumme klimabewosst kënne liewen.

Nohalteg a klimafrëndlech Schoule sinn ons wichteg, awer net nëmmen – am ganze Land muss ëmgeduecht ginn. An dofir ass en Zesummespill vun de verschiddenen Acteuren hei noutwendeg: also tëschent de Schüler, Proffen, Direktiounen an der Politik, awer och mat der Industrie an de Bierger a Konsumente vun all Alter! Nëmmen esou en Zesummespill suergt fir e richteg gutt klimabewosst Ëmfeld. Just esou kënnen eventuell Folgen oder Konsequenzen, déi e Klimawandel vun engem däraartegen Ausmooss huet, gemildert oder eliminéiert ginn.

Mir weisen awer dorop hin, an dëst kann een net ze vill betounen, dass d'Responsabilitéit fir d'Klimakris a fir d'Géigemesuren net eleng op dem Schüler, dem Bierger an dem Konsument seng Schëllere soll geluecht ginn. Dowéinst mussen de Staat an d'Regierung och agräifen, fir klima- an ëmweltschiedlech Handlungen ze decouragéieren, ze verbidden, respektiv ze bestrofen, a positiv Géigemesuren ze encouragéieren, bezéiungsweis ze imposéieren.

An Zäiten, wou vill Leit hei zu Lëtzebuerg net méi schaffen, fir eppes ze bewierken, mee just fir zu Lëtzebuerg finanziell existéieren ze kënnen, ass de Klimawandel och vläicht eng Chance, fir ons Valeure fundamental ze iwwerdenken an eiser Gesellschaft nees e gemeinsamt nohaltegt Zil ze ginn.

‘‘An Zäiten, wou vill Leit hei zu Lëtzebuerg net méi schaffen, fir eppes ze bewierken, mee just fir zu Lëtzebuerg finanziell existéieren ze kënnen, ass de Klimawandel och vläicht eng Chance, fir ons Valeure fundamental ze iwwerdenken an eiser Gesellschaft nees e gemeinsamt nohaltegt Zil ze ginn.‘‘

CNEL, climateXchange - Schlussrapport vun den regionalen Echangen, 2019

"The climate crisis has already been solved. We already have all the facts and solutions. All we have to do is to wake up and change."

Greta Thunberg, TEDx Stockholm

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg

cnel@cgjl.lu
Tel.: +352 40 60 90 333
GSM: +352 691 94 46 81

87, route de Thionville
2611 Luxembourg

www.cnel.lu